N°147
Entrée le 05.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro N° 147 vum 3. Januar 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

*Fro 1: Wéi vill huet dës Campagne insgesamt kascht, opgelëscht no der Aart vun de verschidde Medie?*

De Käschtepunkt vun der Campagne, déi an Ofsprooch mat der "Fédération Saint-Hubert des Chasseurs du Grand-Duché de Luxembourg asbl" gemaach ginn ass fir d'Leit op d'Organisatioun vun de Juegten opmierksam ze maachen an do wou d'Juegte sinn dann och besonnesch op Mënsch an Déier opzepassen an hire Fuerstil deementspriechend unzepassen, huet sech op insgesamt 26.445 Euro chiffréiert, dovunner 12.770 Euro fir d'Kreatioun, 11.675 Euro fir d'Diffusioun vum Radiospot op RTL Radio an 2.000 Euro fir d'Diffusioun op de soziale Medien (all Montant HTVA).

*Fro 2: Sinn d'Vitesslimitatioun oder aner Stroossebeschëlderungen, souwéi Spärunge vu Parkingen oder aner Plazen, déi net vu P&CH oder der Gemeng opgestallt oder virgeholl gi sinn (wéi zum Beispill d'Schëlder vun de Jeeër déi uweisen, dass eng Klappjuegd stattfënnt an op de betraffene Stroossen soll mat 30km/h gefuer ginn) rechtlech bindend? Wa jo, wat ass déi entspriechend Base légale dofir?*

All Organisatioun oder Privatpersoun, déi Pannoe laanscht d'Staatsstroosse wëll opstellen, muss eng begrënnten Ufro stellen, dat ënnert der Form vun enger "Demande de Permissionn de voirie" nom Gesetz vum 21. Dezember 2009. De Minister, deen d'Ëffentlech Aarbechten a sengen Attributiounen huet, stellt d'Autorisatioun un de Demandeur aus, deen d'Pannoen da konform zur Autorisatioun däerf opstellen.

All verbindlech Verkéiersreglementatioun, muss duerch den zoustännege Gestionnaire vun der ëffentlecher Strooss (Staat oder Gemeng) eng rechtlech Basis kréien, dat duerch ee groussherzoglecht oder ministeriellt Reglement, oder ee Gemengereglement. Dës Schëlder mussen dann och dem Code de la Route entspriechen. Rechtlech verbindlech Verkéiersschëlder si Verbuet-, Restriktioun- an Obligatioun-Schëlder.

Et muss also kloer een Ënnerscheed gemaach ginn tëschent Pannoen a verbindleche Verkéiersschëlder, wouzou och Vitesslimitatioune gehéieren. D'Pannoe, déi d'Jeeër am Kader vu Klappjuegten opstellen, si Pannoe mat Sensibiliséierungscharakter, a sinn rechtlech net bannent.

Dës Pannoe maachen d'Automobilisten*innen op d'Gefor vun enger Klappjuegd opmierksam, déi dann hier gefuere Vitessen der Gefor sollen upassen, dat fir de Risiko vun Accidenter ze minimiséieren.

Lëtzebuerg, den 4. Februar 2024

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes